andweiler Jongen

ıen Buedem
ı allem We',
ìeschéck zertrueden
sche'nster Ble'.

dir gezwongen,
égent Land;
ısle'ft durchdrongen,
t Hierz an Hand.

r vergiessen,
'ts geduecht;
Vierk ermiessen,
r ons erbruecht.

ren Owesstonnen
cht ert Grawt begre'sst,
rei verbonnen,
o'h verse'sst.

lleft wiehren,
ons verschloss;
e, schwieren,
net emsoss!

l et bleiwen,
Letzeburg!
Ble'en dreiwen —;
urch an durch!

rückerei, Luxbg.

## De Sandweiler Mammen

O Mammele'ft, o Mammeléd,
Wie kann iech jémols ganz verstoen!
Zum Höchsten ass eng Mamm berét,
Berét och Batterstes ze droen.

Deng Le'ft de' go'w op d'Pro'f gestallt,
Dei Kand duerf net me' bei dir bleiwen;
D'Friemd fordert et mat Allgewalt,
Fir an de Krich och sie ze dreiwen.

De Krich seng traureg Wée gét,
Hie sêngt a brennt an häft Ruinen;
Vu Bludd an Tre'nen dröpst sei Kléd,
Den Do'desengel ass erschienen.

Du hues dem Do'd dei Jong musst gin,
A friemem Land ass hie gestuerwen;
Du kriss hien nie me' ze gesin,
A friemer Erd ass hie begruewen.

Du arem Mamm, o kreisch dech aus,
Well d'Mammele'ft rifft d'Mammentre'nen;
Aus dengem gro'sse Léd eraus
Soll dir en Hoffnungswuert ei te'nen.

Den Herrgott le'nt dem Wuert seng Stömm,
Soll dech zum Himmel fro' erhiewen; —
Du fönns dein Held dach nach eröm,
Et gött, Gott Dank, en e'wegt Liewen!

O Himmelsmamm, o Trösterin,
Du solls un d'Hierz ons Kanner drécken,
Bis mir sie all erömgesin,
An dann zwo' Mammen sie beglécken!



Du mächteg Tre'schterin,
biéd fir ons!

Meyer Charel
gef. 28. 6. 43
Rußland



Tony Gardula
gef. 22. 7. 44
Italien





Fah Emil
gef. 1. 8. 44
Rußland



Muller Arthur
gef. 5. 2. 44
Rußland



René Weber
gef. 26. 9. 43
Rußland

Gansen René
gef. 17. 7. 43
Rußland



Bosseler René
gef. 7. 12. 43
Rußland





Reisdorfer Josy
gef. 13. 12. 43
Rußland



Leucker Mett
gef.
Rußland

